N°4157
Entrée le 29.05.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 29.05.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 29 mai 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung, den Här Minister fir den Ëffentlechen Déngscht an den Här Inneminister weiderzeleeden:

„ An eisen Nopeschlänner, Frankräich an Däitschland, profitéieren all d'Leit, déi eng Pensioun kréien, vun engem sougenannte Rentenausweis oder enger Carte de Retraite, also engem Dokument, dat et hinnen erlaabt, sech als Persoun an der Pensioun auszeweisen, an domadder den Accès op verschidden Avantagen, déi Leit, déi an der Pensioun sinn, virbehale sinn, méi einfach mécht. Zu Lëtzebuerg gëtt et aktuell keen esou ee System, deen déi direkt Identifikatioun vu Pensionéierten erméiglecht.

An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung, dem Här Minister fir den Ëffentlechen Déngscht an dem Här Inneminister follgend Froe stellen:

- *Ass et vun der Regierung aus ugeduecht fir esou eng Identifikatiounsméiglechkeet fir déi Leit an der Pensioun, déi Demandeur fir sou eng Kaart sinn, anzeféieren?*
- *Falls dëst net de Fall wier, weisou zitt d'Regierung dës Méiglechkeet net a Consideratioun?*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu